



Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PEITENG

Referenz :2024.62980.SECR

Péteng, den 4. Oktober 2024

Betreff: Är Froe vum 21. August 2024

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Pol Moes - Tel. : 50 12 51 – 3081)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 21. August 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email den 6. September zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Aktioun Gielt Band

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Officiel sinn um Site vum Antigasp, zwou Flächen an der Gemeng Péteng gewisen, déi bei der Aktioun "Gielt Band" deel huelen.

An dësem Projet geet et em d'Uebstbeem, déi mat engem giele Band gekennzeechent ginn, fir de Léit ze weisen, dat ee bei dëse Beem ka reift Uebst plécke goen.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgen stellen:

1. Wéi eng Uebstbeemarten a wéi vill Uebstbeem am ganze sinn op den aktuellen Flächen fir d'Leit verfügbar?

2. Aktuell sinn et just déi zwou Flächen déi zu Rolleng ugewise gi (Quelle: Internetsite "Antigasp") wou d'Uebstbeem e gielt Band hunn.

Wéi vill potentiel! aner Flächen huet d'Gemeng Péteng ënnertanerem zu Rodange a zu Péteng fir d'Aktioun "gielt Band"?

3. Gesäit de Schäfferot een Interesse fir d'Aktion "gielt Band" ze ënnerstëtzen an d'Unzuel vun den Uebstbeem an d'Zorten vun de Uebstbeem ze erhéijen an esou iwwert ganzt Joer Uebst mat dësem Label verfügbar ze maachen?



4. Kéint de Schäfferot sech virstellen, fir der Aktion "gielt Band" eng méi eng héisch Visibilitéit ze ginn?

Zum Beispill d'Aktioun um Gemengesite an op de verfügbare sozial Medie oder am Raider ze visualiséieren an drophinzeweisen, dat déi Aktioun och an der Gemeng Péiteng existéiert.

5. Sinn aktuell Beem oder gi Beem reegelméisseg mat "giele Bändchen" gekennzeechent?

6. Wéini war déi lescht Aktioun vun der Kennzeechnung mam "giele Bändchen" ?

Mat Respekt

Chris Bernard

Gemegeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

De 17. Dezember 2021 huet de Schäfferot decidéiert sech un der Aktioun géint d'Liewensméttelverschwendung „Gielt Band – Hei dierft Dir plécken“ ze bedeelegen an huet dunn och zwee Bongerten zur Verfügung gestallt wou d'Awunner kënnen d'Uebst rafen an och plécken. Deen ee Bongert ass zu Rodange am Plon an deen zweeten ass zu Lamadelaine tëscht der avenue de la Gare an der route de Luxembourg.

Tëschenzäitlech huet d'Gemeng en drëtte Bongert fir d'Leit opgemaacht. Dat ass e Bongert zu Lamadelaine am Bierg iwwert de Weieren, am lieu-dit „An den Alerten“.

Dee Bongert ass am gaangen op de Site vun Antigaspi gesat ze ginn.

Dat sinn dann 3 Bongerte mat insgesamt 127 Beem mat den Uebstzorten Äppel, Bieren, Prommen, Mirabellen, Kiischten, Nëss an déck Nëss.

Déi Beem bleiwen dat ganz Joer iwwer mam giele Band markéiert. No der Sommervakanz, Ufank September, ginn, wann néideg, déi giel Bänner erneiert. Déi läscht Aktioun war elo Ufank September vun dësem Joer.

D'Gemeng huet och nach zwee Bongerten déi net fir de Public zougänglech sinn. Dat ass een zu Rodange, hannert der Fonderie Schoul, an een zu Lamadelaine, hannert dem Kulturzenter. Déi Bongerte gi vum CIGL betreit an dat Uebst geet an eis zwou Sozialépicerien zu Lamadelaine an zu Péiteng.

Natierlech ass de Schäfferot net ofgeneigt de Leit och an Zukunft nei Bongerten zur Verfügung ze stellen an deem ganzen dann och déi néideg Visibilitéit op de Gemenge Reseauen ze ginn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,